mouvement écologique

Un all Member vum
Mouvement Ecologique

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2023

Léiwe Member,

Heimat luede mir Iech häerzlech an op de

Kongress 2023
vum Mouvement Ecologique

Freideg, de 24. Mäerz 2023 um 18.00 Auer
am Oekozenter Pafendall - 6, rue Vauban am Pafendall - mat klengem Buffet

Och op Wonsch vun enger ganzer Rei Memberen ass de Kongress dëst Joer net méi Samschdes Mëttes, mä Freides Owes (ma an enger Owesveranstaltung).

De Programm ass esou, datt mir engersäits eise legale Verflichtunge gerecht ginn, Zäit bléift fir e klenge Réckbléck op 2022 an awer och en Austausch zu wichtege Froe méiglech ass.

Virun allem awer och wëlle mir den Owend zesumme mat engem klengen „Iessen“ gemittlech ausklénge loossen. Do kënne mir jo weider iwwert déi haiteg Erausfuerderunge méi entspaant schwätzen.

Et ass immens wichteg, datt Dir als Member um Kongress deelhuelt, och wann Dir selwer net aktiv un Aarbechten deelgeholl hutt. Domat weist Dir Är Solidaritéit mat dem Mouvement, weist den Aktiven, datt sech hiert Engagement lount. A natierlech kënnt Dir och positiv oder kritesch Umierkunge maachen. Grad an dësen Krisenzäiten ass et wichteg, sech gemeinsam esou weiderhin Courage ze maachen!

Opgrond vun der ASBL-Gesetzgebung si mir verflicht, all Member eenzel eng Aluedung per Post ze schécken, och wann Dir eng Haushalt-Memberschaft hutt.

Den Oflaf vum Kongress 2023

18h00: **Accueil vun de Memberen**

18h15: **Begréissung a Ried vun der Presidentin Blanche Weber**

18h30: **De Bilan vun den Aktivitéiten am Joer 2022, mat engem Ausbléck an d'Zukunft, opbereet mat Biller an enger klenger Analyse wat erreecht gouf:**
- vu Mouvement Ecologique a move.,
- Oekozenter Pafendall
- Stëftung Oekofonds,
- Klima-Bündnis Lëtzebuerg

Remarken / Ureegunge vun de Membere stinn am Fokus. Gäre kënnt Dir se eis och am Virfeld matdeele via meco@oeko.lu.

19h00: **Bilan 2022 - Budget 2023**
Finanzrapport vum Tresorier a vun de Revisoren - Decharge

19h20: **Decharge vum Verwaltungsrot**
Neiwal vu Membere vum Verwaltungsrot a vun de Keese-Revisoren

Stand vun der Zesummesetzung vum Verwaltungsrot ass:

Net-Austriedend (8 Leit): Tom Becker, Roger Dammé, Théid Faber, Béatrice Kieffer, Claude Petit, Jacques Pir, Jean Rischette, Blanche Weber.

Austriedend an hier Kandidatur nei stellend (5 Leit): Emile Espen, Gérard Kieffer, Marianne Milmeister, Jeannot Muller, Bob Reuter

Austriedend a seng Kandidatur net nei stellend: Cédric Metz

Weider Kandidature fir de Verwaltungsrot solle wgl. schréftlech bis den 21. Mäerz beim Mouvement Ecologique (meco@oeko.lu) eragereecht ginn.

19h30 **Um Wee an eng nohalteg Gesellschaft: D'Roll vun der Politik, vun der Zivilgesellschaft a vum Eenzelen**

Grad an engem Waljoer ass d'Fro, wat de Roll ass vun de verschiddenen Acteuren an der Gesellschaft fir datt déi ekologesch-sozial Transitioun gelénge kann: Muss d'Politik méi maachen a gestalten? Wei vill Akzeptanz brauch se, huet se? Oder muss si méi Courage a Wäitsiicht weisen? Oder muss de Verbraucher, den Eenzelen oder Initiative „vun ënnen" Virreider si vun der Transitioun? Wat ass de Roll vun enger Net-Regierungsorganisatioun wéi dem Mouvement Ecologique ?

Dës an aner Froe wëlle mir zesummen diskutéieren: si sinn a villen Hisiichte ganz wichteg fir den Engagement!

Am Fall datt eng Motioun vum Verwaltungsrot zu dëser oder enger anerer Fro wäert erstallt ginn, wäert déi spéitstens ab dem 22. Mäerz um Internetsite vum Mouvement Ecologique www.meco.lu als Entworf ze liese sinn.

Fräi Aussprooch

20h15 **No dem Kongress sidd Dir häerzlech agelueden op e Patt a Buffet mat leckerem „Fingerfood“**

Wéinst dem Iesse wier et léif, wann Dir Iech géift mat Zäiten umellen: meco@oeko.lu oder Tel. 439030-1

Blanche Weber
Presidentin

Emile Espen
Tresorier

Abonéiert Iech op d'Newsletter vum Mouvement Ecologique!

De Mouvement Ecologique bitt zënter e puer Joer e Service just fir seng Memberen un: eng gratis elektronesch Newsletter, déi reegelméisseg erauskënnt (meeschtens 1 mol d'Woch ausser an de Vakanzen). Doranner fannt Dir Infoen zu den aktuelle Stellungnamen, Veranstaltungen, Opriff....

D'Newsletter ass e wichtegt Kommunikatiounsinstrument.

Duerfir: falls Dir bis elo nach net abonéiert sidd: maacht dat!

Wann Dir eis Newsletter geschéckt kréie wëllt, maacht einfach e Mail un inscription@meco.lu oder schreift Iech an op www.meco.lu/de/uber-uns/newsletter.

Falls Dir soss Remarken zu oder Ureegunge fir d'Aktivitéite vum Mouvement Ecologique hutt, deelt eis et mat: meco@oeko.lu.